ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 11/01/2024

Rapport 1/24 vun der Sportskommissioun

Reunioun vum 09.01.2024 um 18:00 am Veräinsbau an der Koll zu Bruch

Presenzen

Present	Net present
Arendt Benoit Bausch Pele Everad Thierry Kieffer Aloyse Lesch-Fanck Laure Lucas Patrick Mathias Heike Meyer Louis Reding Sam Reuter Pierre	Brosius Thierry (net entschëllegt)

Punkt 1: Dagesuerdnung

Op der Dagesuerdnung stoungen follgend Punkten:

- Visite vun der Hal mam Steve Rollinger
- Detailer Schnuppercours'en
- Divers

Punkt 2: Rapport vun der leschter Reunioun

De Rapport vun der leschter Reunioun gëtt unanime vun de Memberen ugeholl.

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 11/01/2024

Punkt 3: Schnuppercours'en

D' Kommissioun hat an der leschter Reunioun beschloss fir an enger éischter Phase zwee Schnuppercours'en unzebidden an zwar Indiaca a Yoga. Dofir huet se sech am Virfeld vun hirer Reunioun fir eng Visite des Lieux mat den Vertrieder vun der Indiaca Federatioun a mam Véronique Perreira (Yoga-Cours) an der Sportshal vum Campus Helperknapp getraff. Mat dobäi war och den Steve Rollinger vun der Gemeng. Hei ass follgendes festgehal ginn.

- **Indiaca:** An der Sportshal kënnen déi 2 Volleyballssfelder fir den Indiaca benotzt ginn. D'Vertrieder vum Indiaca bréngen d' Netzer an d' Bäll mat a brauchen just d' Potoen vum Volleyball. D' Felder ginn mat Tape um Buedem markéiert. Gespillt gëtt normalerweis 5 géint 5.
  Termin: **Samschdes vun 10:00-12:00**, eng Umeldung ass net néideg.
  Wann Interesse do ass, kann eventuell och an de Schoulvakanzen gespillt ginn.
  Alter: ab 10 Joer, mixt Equippen, eventuell ginn duerno 2 Gruppen gemaach jee no Alter vun den Teilnehmer.
  Fir ee Flyer ze erstellen kréien mer nach vun hinnen Material (Logoen, Fotoen, Indiaca.lu...).
  D' Vertrieder haten keng weider Virstellung wat de finanziellen Aspekt ugeet. Si beroden sech intern a soen der Kommissioun nach Bescheed.
  Net diskutéiert ginn ass de Volet Assurance. Dat muss nach nogeholl ginn!

- **Yoga:** D' Véronique Perreira war begeeschtert vum Multisall (Sall mat de Spigelen). Sie bréngt fir den Cours Yoga-Bléck, Rimmer an eng Musek-Box mat a kann déi Saachen am Sall stockéieren. Yoga-Matten befannen sech schonn am Sall.
  Max. 20-25 Teilnehmer, keng Alterslimite, Dauer: 90 min
  Termin: **Mëttwochs, 19:30** E bëssen méi "doucen" Yoga
  Samschdes, 10:00 E bëssen méi "aktiven" Yoga
  D'Véronique Perreira preparéiert eis een Flyer fir Enn Januar. Eng finanziell Virstellung besteet och.

Fir béid Cours'en (Indiaca an Yoga) ass follgendes festgehal ginn:

- D' Cours'en sollen elo mol vun Mäerz/Abrëll bis zur Schoulvakanz ugebuede ginn.
- D' Vestiairen an der Sportshal kënne och benotzt ginn. De Parking ass owes an Samschdes op fir de Public.
- D' Reklamm gëtt iwwer sozial Medien vun der Gemeng (Facebook, Instagram), Flyeren, Gemengesite an App an am Buet vum Mäerz gemaach.
- An der Hal an am Multisall gëllt de Verbuet vun Iessen a Gedrénks souwéi Stroosseschong. De Steve Rollinger këmmert sech em d' Badgen soubal en d' Detailer (Auerzäiten, Unzuel, ...) kennt.

No der Reunioun huet sech den Sam beim Buergermeeschter renseignéiert wéi déi weider Virgoensweis ass:

- D' Reservatioun vun der Hal soll méiglechst séier beim Steve Rollinger gemaach ginn
- D' Kommissioun huet ee fixen Budget zur Verfügung fir d' Finanzéierung vun hiren Initiativen. Sie muss dem Schäfferot awer een Devis eraschécken fir den Indiaca an de Yoga.

Helperknapp, 11/01/2024

De Sam ass vum Danzveräin vun Bëschdref kontaktéiert ginn fir ee Schnuppercours an der Gemeng unzebidden. Am selwechten Sënn ass den Dëschtennis vun Biissen un den Everad Thierry ugetrueden. D' Kommissioun ass awer der Meenung béid Aktivitéiten réischt am Hierscht virzegesinn.

Punkt 4: Hëllefen bei der Nuit du Sport den 08.06.2024

Hei gi mer nach vum Tina Grohs kontaktéiert wat sech em d' Organisatioun vun der Nuit du Sport këmmert.

Punkt 5: Laftreff

De Pierre proposéiert perséinlech am Fréijoer ee Laftreff um Ditzebierg unzebidden, ee bis zweemol d' Woch, deen sech nëmmen u bluddeg Ufänger riicht. D' Ziel wär et fir déi motivéiert Leefer vun "Null op fënnef Kilometer" ze bréngen.

Reklamm gëtt gläichzäiteg mat de Schnuppercours'en gemaach.

De Pierre erstellt nach eng Propose fir ee Flyer.

Punkt 6: Ufro Collaboratioun Accueil intégré

D' Kommissioun huet beschloss dëse Punkt nach am Rapport ze loossen, wëll hei nach keng Suite erfollegt ass.

De Benoît huet eng Ufro kritt vum Ben Ruppert, dem Responsabelen vum Accueil intégré fir Flüchtlingskanner an der Ganzdagesschoul zu Bëschdref. D' Iddi wär fir eemol an der Woch mat dëse Kanner an hiren Elteren Sport ze maachen zesummen mat de Bierger aus der Gemeng. Sou soll d' Integratioun vun dëse Leit gefërdert ginn. Ausserdeem soll der Sport hinnen eng gutt Ofwiesslung bidden.

D' Kommissioun invitéiert den Ben Ruppert an enger vu den nächsten Reuniounen fir esou méi Detailer ze kréien. D' Kommissioun ass awer der Meenung dat esou eng Initiative och vun de Kommissiounen Jugend an Integratioun gedroe soll ginn.

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 11/01/2024

Punkt 7: Sportleréierung

D' Kommissioun huet beschloss dëse Punkt nach am Rapport ze loossen, wëll se nach keen Avis zu dësem Sujet vun der Gemeng kritt huet.

Wëll d' Sportleréierung och schonn een Thema bei der Kommissioun virdrun war, si verschidde Gedanken a Froen un de Gemengerot festgehal ginn:

- Wat fir eng Roll spillt d' Kommissioun heiran?
- Steet schonn een Termin fest?
- Ze vermeiden ass den 11.05.24 well do den ING-Marathon ass.
- Den Nationalfeierdag ass eventuell net esou gutt, virun allem wann vill Sportler geéiert ginn.
- D' Sportleréierung kennt mat der Éierung vun den Elèves méritants kombinéiert ginn.

Op alle Fall recommandéiert d' Kommissioun der Gemeng den Termin méiglechst schonn am Januar ze kommunizéieren fir de Kandidaten Zäit ze ginn sech ze mellen a fir der Kommissioun d' Geleeënheet ze ginn hiren Avis (falls gefrot) ofzeginn.

Punkt 8: Verschiddenes

D' Kommissioun huet beschloss dëse Punkt nach am Rapport ze loossen, wëll se nach keen Avis zu dësem Sujet vun der Gemeng kritt huet.

1. **Internetsäit fir de Sport:** D' Iddi ass opkomm fir um Site vun der Gemeng Helperknapp eng Säit unzebidden wou all Sportsveräin aus der Gemeng sech presentéieren kann: Websäit, Email-Adressen, Kontakter, Trainingszäiten an -lokaler, speziell Eventer...
2. **Fit Kanner Miersch:** D' Kommissioun freet sech ob esou eng flott Initiative net och an der Gemeng Helperknapp méiglech wär. Hei kënne Kanner ënnert der Begleedung vun Sportseducateuren vill verschidde Sportaarten ouni Leeschtungsdrock kenne léieren.
3. **Sportkomplex:** Anscheinend soll an den nächsten Joren ee groussen Sport Komplex um Gebitt vun der Gemeng Helperknapp entstoen. D' Kommissioun freet de Schefferot ob et hei schonn Detailer ginn a wär frou fir fréi genuch an dëse Projet mat agebonnen ze ginn.

Nächst Reunioun ass nach net festgesat ginn wëll den Avis vum Buergermeeschter iwwer d'Schnuppercours'en ofgewaart ginn ass.

Pierre Reuter

Sekretär Sportskommissioun